

Merci fir déi breet Zoustëmmung. De Rapporteur, den Här Mosar, huet virdu gesot, dat wier en technesch Dossier. Jo, an der Ausféierung vun deenen eenzelne Bestëmmungen, déi an dem Gesetz virgesi sinn, mee et ass fir mech awer och e politesch Dossier, well et muss een de richtegen Equilibre fannen op enger vun deene wichtegste Finanzplazen a virun allem dem zweetgréissten Investmenthub weltwäit, wat mir zu Lëtzebuerg sinn, zwëschen engersäits awer dem Schutz vun den Investisseuren, dem Schutz vun de Clienten vun enger Bank, an anersäits, wat e mentionéiert huet, de Fraisen, déi domadder verbonne sinn.

Ech deelen dat, wat den Här Clement virdu gesot huet. Och eng Bank, och e Finanzopérateur muss heimadder, wann intern eppes schief gelaf ass, dat matdeelen. Dat muss gedeelt ginn. Dat kann net einfach bannendra bleiwen, well, wéi et an dem Exposé des motifs vun dem Gesetz drasteet, zwee Drëttel vun de Virfäll, déi sinn intern bei de Bankopérateuren an et ass nëmmen een Drëttel vun de Virfäll, dee vu bausse kënnt. An Dir hutt och gesinn, an deenen Explikationen, déi gi goufen, dass eigentlech déi Tendenz vun de Cyberattacke steigend ass mat iwwer 16 % iwwert dat leschte Joer.

Duerfir fannen ech, dass dat hei e richtegen Equilibre ass. A mech stéiert et awer hei net – dat soen ech, an do ginn ech dem Här Fayot Recht –, dass hei eng europäesch Reglementatioun kënnt. Well dat ass och am Interessi vun eiser Finanzplaz, well dann hu mer jo dat, wat mir ëmmer soen, de Level-Playingfield op Englesch, also dass jiddwereen deene selwechte Konditiounen ënnerläit. An dann d'Fraise fir en Opérateur, deen zu Lëtzebuerg operéiert, forcement sinn déi net méi an net manner héich wéi bei engem, deen op enger anerer Plaz ass.

Dir hutt dat mat Recht mentionéiert: Ass hei net eng Iwwerreglementéierung? Dir wësst, dass an dem Regierungsprogramm drasteet, mir musse jo déi europäesch Reglementatiounen ëmsetzen. Et gëtt der an den Europäesche Réit – an et si jo genuch fréier Ministeren hei, de Wirtschaftsminister –, déi soen, mir sollen net méi administrativ Chargé vun Europa dropluede wéi déi, déi absolutt néideg sinn. Mee wa mer e Reglement hunn, da setze mer dat ëm a mir maachen, wéi dat esou schéin heescht, kee Goldplating, dat heescht, mir setzen net nach zousätzlech Konditiounen hei zu Lëtzebuerg drop.

Ech wëll nach agoen op déi Fro vun de Sanktiounen. Den Här Mosar huet dat a sengem Rapport mentionéiert. Jo, hei kënne Strofen ausgeschwat gi bis zu fënnf Milliounen Euro. Déi kënnen déi eenzel Entitéit treffen, mee wann Der den Detail gekuckt hutt, kënne se och souguer déi Leit, déi an der Direktioun vun engem Opérateur drätsen, perséinlech, wa perséinlech Verfehlungen do wieren, treffen. An ech fannen, dass mer mat deene fënnf Milliounen Euro, déi mentionéiert goufen – dat mag vläicht deen een oder den aneren erschrecken, mee et ass och d'Explikatioun gi ginn –, awer hei an der Moyenne vun deenen aneren europäesche Memberstaate sinn. An duerfir fannen ech, dass dat e gudden Ausgleich ass.

Wéi ass et elo mat dem Ëmsetze vun där Reglementéierung? Jo, d'CSSF an anersäits de Commissariat aux assurances, déi sinn dofir zoustänneg. Ech hunn zumindest d'Expérience, an Dir och, dass eis zwou Finanzopziichten, mat ganz weënen Ofstrécher, awer, mengen ech, eng relativ proaktiv Roll spillen an d'Finanzopérateur begleet an deene Reglementatiounen, déi mussen ëmgesat ginn. Jo, dat ass elo nach, ech soe mol, eppes méi wéi en halleft Joer, well de 17. Januar 2025 muss jiddwereen heimadder am Aklang sinn. Ech wëll awer och drop hiweisen, dass

d'ABBL, also d'Bankevereenegung, och hir Memberen derbäi begleet, fir dass déi Ufuhrerungen, déi hei an deem Akt, an deem Reglement, an deem Gesetzesprojet virgesi sinn ..., dass déi hinnen Hëllefstellung leeschten.

Duerfir nach eng Kéier merci fir déi breet Zoustëmmung. Dat invitéiert och d'Regierung – ech wëll dat ganz kloer soen –, net nëmmen am Beräich vun dem Finanzsektor, mee virun allem am Beräich vun dem Finanzsektor, déi néideg Investissementer ze maachen am Sënn vun der Cybersécherheet. Well Dir wësst, wa mer hei ... Also, mir kënne kee Virfall ausschléissen, mee wa mer der ze vill hunn, da wäert dat och der Reputatioun vun eiser Finanzplaz schueden. An duerfir wäert d'Regierung déi Schrëtt an déi Moosnamen aleeden, fir dass och hei begleetend Investitiounen säitens der öffentlecher Hand kommen, fir dass Lëtzebuerg e sécher Land ass um Niveau vun der Cybersecuritéit, souwäit dat et eis erlaabt.

Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu deem Projet de loi ofgeschloss.

An da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8291. Den Text steet am Document parlementaire 8291⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8291 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass ...

Ech géing Iech et gär soen. Ech weess et zwar, mengen ech, wann ech Iech héieren hunn, mee et kënnt näischt op mäin Ecran.

(Interruption par M. Sven Clement)

Dofir géing ech de Generalsekretär bidden, dat schnell nach eng Kéier nofroen ze goen, well et ass normalerweis ofgeschéiert an eiser Regie, falls den Ecran eng Kéier net géing fonctionéieren. Dir musst elo e weëneg Gedold hunn.

(Interruption)

Ech weess net, ob et elo spannend ass, mee ech hätt et gär richteg.

Voilà, merci! Dann ass d'Resultat vum Vott hei an deem Fall: 55 Jo-Stëmmen ... Nee, 60 Jo-Stëmmen bei 0 Abstentionen a kenger Nee-Stëmm. Et ware fënnf Procuratiounen, dofir hat ech déi falsch Zeil erwëscht.

Also, d'Resultat ass: Jo: 60, Abstention: 0, an Non: 0. Domat ass dese Gesetzestext mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen (par M. Laurent Mosar), Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par M. Georges Engel);

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

13. 8273 – Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'enregistrement des réunions des commissions, du Bureau et de la Conférence des Présidents

De leschte Punkt vum Ordre du jour – oder loosse mer lo mol soen de virleschte Punkt vum Ordre du jour, well no deem leschte Punkt stëmmen mer nach zwou Motiounen; dat heescht, wannegelift net duerno fortlafen! – vun haut ass den Änderungs-vorschlag vum Chambersreglement 8273 iwwert d'Opname vu Reunionen vun de Kommissiounen, dem Bureau an der Presidentekonferenz. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Guy Arendt, den Här Mars Di Bartolomeo, d'Madamm Alexandra Schoos, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Änderungs-vorschlag vum Chambersreglement, déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Règlement

Mme Stéphanie Weydert (CSV), rapportrice | Jo, merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, d'Dokument 8273 gesäit vir, d'Chambersreglement ze completéieren, fir eng gängeg Praxis am Reglement vun der Chamber ze formaliséieren. Et geet nämlech ëm d'Ophuele vun de Kommissiounssätzungen, de Reunionen vum Bureau vun der Chamber souwéi och vun der Presidentekonferenz.

D'Presidentekonferenz huet dës Ännerung vum Chambersreglement ugefrot an an deem Kader och eng Nott bei der Cellule scientifique vun der Chamber an Opdrag ginn, fir déi bestoend Praxis vum Ophuele ze encadréieren.

Den Artikel 25 vum Chambersreglement iwwert d'Aarbechten an de Kommissiounen gëtt duerch d'Paragraphen 10, 11 an 12 completéiert. Dës gesi fir, datt d'Sätzungen, déi physisch oder iwwer Viseokonferenz stattfannen, opgeholl ginn, ausser d'Kommissioun hätt decidéiert, dass d'Diskussiounen zu engem Punkt à huis clos wieren. Am Fall vun enger Visiokonferenz gëtt souwuel am Toun an am Bild opgeholl.

Des Weidere gëtt festgeluecht, datt all d'Deputéiert aus der Chamber, awer och just d'Deputéiert, d'Opname kënne consultéieren goen, fir sech selwer eng Retranskriptioun vun den Debate fir hir eegen Zwecker ze erstellen. Dës Retranskriptioun dierf allerdéngs net öffentlech oder als Document faisant foi genotzt ginn. Am Fall vun esou enger Consultatioun ginn d'Deputéiert och iwwert d'Reegelen an

d'Responsabilitäten, déi mat dëser Consultatioun vun der Opnam verbonne sinn, informéiert.

De President vun der betraffener Kommissioun souwéi d'Membere vun der Chamberskommissioun ginn iwwer all Consultatioun vun enger Opnam vun der Sëtzung informéiert.

All d'Opname gi während fënnef Joer gehalen, ausser et géing e spezifesch historéischen oder archivareschen Interessi bestoen. An deem exceptionnelle Fall huet d'Conférence des Présidents d'Méiglechkeet, eng motivéiert Decisioun ze huelen, fir den Enregistrement iwwert déi fënnef Joer eraus ze halen.

Betreffend d'Reunioun vum Bureau respektiv vun der Presidentekonferenz gesäit den Artikel 11 respektiv den Artikel 31 vir, dass eng Opnam vum Toun oder am Fall vun enger Visiokonferenz en Enregistrement audiovisuel ka gemaach ginn. Dat ass eng kleng Nuance par Rapport zu de Kommissiounssëtzungen, wou d'Opnam obligatoresch gemaach gëtt.

D'Modalitéite fir d'Enregistrementer sinn allerdéngs hei méi ageschränkt, well souwuel de Bureau wéi och d'Presidentekonferenz mat méi sensibelen Informatiounen oder perséinlechen Donnéeën ze dinn hunn.

Just Membere vum Bureau respektiv vun der Presidentekonferenz oder déi Deputéiert, déi e Member aus dem besoten Gremium ersat hunn, kënnen d'Opnam consultéiere goen, an dat, nodeems si den Accord vum President vun der Chamber dofir kritt hunn. Gradewéi bei de Kommissiounssëtzungen ginn d'Opname während fënnef Joer versuergt an déi selwecht Ausname fir d'Verlängerung vun der Conservatioun wéi fir d'Kommissiounssëtzungen si méiglech.

De Rapport vun dëser Ännerung vum Chambersreglement gouf de 5. Juni an der Reglementskommissioun ugehall.

An ech soen alle Kolleeginnen a Kolleegen aus dëser Kommissioun e grouse Merci fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht. Als CSV begreisse mir, dass dës laangjäreg Praxis elo formell am Chambersreglement verankert gëtt. An dofir ginn ech heimat och den Accord vun der CSV-Fraktioun. Ech soen Iech Merci fir d'Noläschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Weydert, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Guy Arendt.

Discussion générale

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President. Ech mengen, et ass alles gesot, a mir ginn den Accord.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Arendt. Här Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP) | Et kéint een et net besser soe wéi den Här Arendt, an d'LSAP-Fraktioun ass och domat d'accord.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Di Bartolomeo. Madamm Schoos.

Mme Alexandra Schoos (ADR) | An och d'ADR-Fraktioun ass domat d'accord.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Schoos. D'Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Ech ka mech deem nëmmen uschlëssen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Den Här Clement.

(Hilarité et exclamations)

Den Här Clement huet d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Video- an Audioopname vun de Gespréicher an der Chamber sinn e wichtegt Mëttel, fir d'Transparenz ze steigere ...

Une voix | A!

M. Sven Clement (Piraten) | ... an demokratesch Kontroll ze erméiglechen. Dofir ware mer u sech ganz frou, wéi mer gemeinsam entscheet hunn, dass eng Rei Kommissiounen da gestreamt solle ginn, an hoffen och, dass an Zukunft all d'Kommissiounen – all d'Kommissiounen! – solle kënnen per Video suivéiert ginn.

(Interruption)

An der Zwëschenzäit mierke mer natierlech, dass et do vun der Majoritéitsäit eng concertéiert Aktioun gëtt, fir dat bei de Jointeen ze blockéieren. Dont acte.

(Interruption par M. Gilles Baum)

O, Här Baum, ech kann Iech beweisen, dass et eng concertéiert Aktioun ass! An ech géif elo wierklech mengen, dass d'Majoritéit gutt géif drun doen, sech do och nach eng Kéier d'Fro ze stellen, ob se wierklech wëllt e bëssen Iechternacher Sprangpressesioun mat der Transparenz spillen oder ob se wierklech Transparenz wëllt maachen, ...

Plusieurs voix | O!

M. Sven Clement (Piraten) | ... well manifestement gëtt et hei de Wëllen, dass awer ëmmer esou e bëssen ze simuléieren, wéi wann een dat wëllt maachen, an dann erëm séier zrëckzeruderen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz richtig!

M. Sven Clement (Piraten) | Bref, d'Leit hunn e Recht drop matzekeréien, wéi hir Vertrieeder schaffen, wat hir Vertrieederinne maachen, a virun allem mussen se och d'Méiglechkeet hunn, Recherchen ze maachen iwwert dat, wat d'Chamber da gemaach huet.

Dofir gesi mer et dann och kritesch, dass dësen Text virgesäit, dass d'Opname vun de Sëtzungen no fënnef Joer solle geläscht ginn, falls et keng kloer Begrënnung fir eng Ausnam gëtt. Wat ass da mat den historéischen Analysen? Aus Transparenzgrënn fanne mer, dass et misst ëmgedréint sinn: D'Archivéierung misst d'Reegel sinn an d'Läschen d'Ausnam.

A mir kënnen och net richtig novollzéien, wisou entscheet gouf, dass just déi Deputéiert d'Opname vun der Conference a vum Bureau dierfe lauschteren, déi zu deene Greemie gehéieren oder an der Sitzung een ersat hunn an den Accord vum President hunn. Also, dass ass eis e bëssen ze vill des Gudden. Dat schléisst dann awer eng ganz Rëtsch Kontrollmechanismen aus. Grad bei der Conference, wou ee sech kann ersetze loossen, ganz onlimitéiert, hale mer déi Begrenzung awer fir e bësse problematesch.

An och beim Bureau misste mer eis generell eng Kéier d'Fro stellen, firwat et am Moment dräi Klasse vun Deputéierten heibanne gëtt: déi Deputéiert, déi alles kréien; déi, déi en Deel vun de Bureausdokumenten ze gesi kréien; an dann déi, déi guer näischt ze gesi kréien. Och do muss ee sech dann awer d'Fro stellen, ob dat e gutt Zesummeschaffen hei an der Chamber ass an ob dat wierklech déi Transparenz ass, déi mer heibanne wëllen och ënnertenee liewen.

D'Deputéiert hunn – an dat huet d'Regierung nach an engem Projet de loi, dee se zwar wëll iwwerschaffen, affirméiert – d'Recht, fir och geheim Dokumenter ze gesinn, ënner verschidde Konditiounen. Dat heescht, mir dierfe geheim Dokumenter vun der

Regierung requéréieren an déi dann och ënner penibelste Konditiounen kucke goen, mee mir dierfen awer intern Greemie vun der Chamber, déi Dokumenter oder Opnamen, net consultéieren. Also, iergendwéi schéngt mer dat net ganz logesch an ech hoffen, dass mer bei der Reform vun eisem Reglement dann awer dorobber nach eng Kéier kënnen zrëckkommen.

Wéi gëtt dann erwaart, dass jidderee sech soll un d'Entscheidung vum Bureau halen an dës och iwwert d'Joren ewech gültig bleiwen, wann net all Member vun der Chamber se kann noliese goen, well weeder d'Rapporten nach d'Opname kënnen vu jidderengem consultéiert ginn?

An da soen ech Iech elo eppes ganz Kokasses: Mir sinn am Moment an där Situatioun, dass no all Bureau, wou dann d'Suppléants permanents dierfen derbäi sinn, d'Entscheidungen dokumentéiert ginn. Déi gi verschéckt. Mee ech gesinn elo an de Blécker vun deenen anere Suppléants permanents, zumindest op Oppositionssäit, dass se déi genausou wéineg wéi ech bis elo kritt hunn. Dat heescht, et ginn Decisiounen geholl, déi ginn dokumentéiert, a souguer déi Leit, déi u sech e Recht hunn, se ze gesinn, kréie se net ze liesen!

An do stellen ech mer dann awer d'Fro, wéi dat soll sinn, dass mer da spéider iergendwann gesot kréien: „Jo, mee firwat hutt Der Iech net un déi Decisioun gehalen?“ Ma léif Kolleeginnen a Kolleegen, ganz einfach, well mer se ni zougestallt kruten an net emol gesot kruten, dass et déi Decisioun gouf! An dass mer dann nach op Decisiounen vun 1993 zrëckkommen, doriwwer soen ech elo léiwer näischt.

Déi Aschränkungen, déi hei gemaach ginn, fir Zougrëff zu den Opnamen vun de Sëtzungen vun der Conference a vum Bureau ze kréien, erschwéieren an eisen Aen den Aarbechtsalldag a maachen eng Kontroll duerch déi ganz Chamber méi schwéier. Dat ass weeder demokratesch nach effizient.

An dofir kënnen mir den Text haut och net matstëmmen. Fir eis Demokratie ze stäerken a se ze moderniséieren, brauche mer méi Transparenz a Kontroll an net manner.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Ech maachen d'Reiefolleg fäerdeg, Madamm Tanson. Ech huelen den Här Baum an dann, wann Dir wëllt, kënnt Dir selbstverständlech nach eppes soen. Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Jo, Här President, ech mengen, mir müssen awer kucken, iwwer wat mer elo hei diskutéieren. Mir hunn hei eng punktuell Ofännerung vum Chambersreglement, wat eng Adaptatioun ass un eng Praxis, déi mer viru Kuerzem agefouert hunn. Ech mengen, dass wat hei zrëckbehalen ginn ass, ass sénnvoll. An duerfir wäerte mir dat hei och matstëmmen.

Dat, wat den Här Clement awer seet, ass natierlech och net ganz falsch, just, et ass net, mengen ech, Objet vun där heiter Debatt, déi gefouert gëtt, dass mer nämlech e Chambersreglement hunn, wat ganz staark anachronistescht Zich huet, wat verschidde Sensibilitäten, notament d'Sensibilitäten, nach ëmmer benodelegt, wat verschidde Elementer ueget, wat den Informatiounszougang ueget an esou weider.

Mee do ass awer elo e Prozess amgaangen – an dat muss ech awer och der Éierlechkeet halber soen –, wou notament all déi Saache sollen op den Dësch kommen, wou se sollen diskutéiert ginn.

D'Sensibilitäten an d'Fraktiounen si jo invitéiert, hir Proposen, wann ech dat richtig an Erënnerung hunn, bis de 15. Juli – dat ass jo awer zäitno – ze maachen, soudatt am Hierscht déi Aarbechten dann och kënnen ufänken.

Bei enger ganzer Rëtsch Saache vun deenen, déi den Här Clement gesot huet, sinn ech och ganz bei him. Ech mengen awer, datt dee ganz konkreeten Text, iwwert dee mer hei ofstëmmen, awer eng Upassung ass, déi domadder ze dinne huet, datt verschidde Kommissiounssätzungen opgeholl ginn. An dat ass awer sënnavoll, wat hei gemaach gëtt. Duerfir stëmme mir dat mat.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Dann hunn ech nach doropshin zwou Wuertmeldunge gehat. Dat ass d'Madamm Tanson an duerno d'Madamm Weydert. Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Merci, Här President. Ech si mat verschiddene Saachen averstan, déi den Här Clement gesot huet. Ech wollt just awer vläicht als Presidentin vun där Kommissioun e puer Remarque maachen.

Dat eent ass: Mir hunn eng ganz consensuel Demarche an där Kommissioun, wou mer och hei, wat deen heiten Text ubelaangt, vill Diskussiounen haten, also mir haten Diskussiounen an e puer Kommissiounssätzungen doriwwer. Mir hunn deem engen an deem aneren nogelauschert, jiddwerengem Rechnung gedroen a probéiert, zu engem Accord ze kommen, soudass ech denken, dass een all déi Diskussiounen och ëmmer kann an der Kommissioun, op alle Fall an där heiter, mengen ech wierklech, huelen, fir dass mer och ëmmer e Reglement hunn, dat jiddweree kann droen.

Ech wollt just awer eppes wierklech rectificéieren, well dat eppes ass – ech sinn elo net ganz sécher, wat der gesot hutt schlussendlech –, wat mer wierklech wichtig ass a wou mer eeben och an der Kommissioun doriwwer rieds haten. Dat ass den Archivage pour questions historiques. An duerfir ass souwuel am Rapport vun der Rapportrice wéi awer och am Text selwer eebe Mentioun gemaach, dass de Bureau eng Décision contraire kann huelen, dass se net geläscht gëtt. An de Justifikatiounen zu deem Artikel war eppes, wat ville vun eis wichteg war – an ech kucke grad och op de Marc Baum; ech froe mech, ob Dir et net souguer soulevéiert hat an der Kommissioun –, fir ze soen, datt natierlech den Archivage historique eng immens pertinent Ursach ass, fir esou eppes ze halen. An duerfir ass dat och nach drakomm no den Diskussiounen an där Kommissiounssätzungen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Dann d'Madamm Weydert.

Mme Stéphanie Weydert (CSV), rapportrice | Villmools merci, Här President. Also, ech mengen, d'Madamm Tanson huet eigentlech scho relativ kompletéiert, wat ech wollt soen. Ech si just einfach erstant iwwert dem Här Clement seng Aussoen, well d'lescht Kéier, wéi mer de Rapport ugeholl hunn, war den Här Clement, mengen ech, net do. An dunn ass näischt vu senger Sensibilitéit an deem Sënn komm. Voilà, merci.

M. Claude Wiseler, Président | Voilà! Här Clement, ganz kuerz, wannechgelift.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, also d'Madamm Weydert kann elo natierlech ... Mir hunn tatsächlech un den Diskussiounen vun deem heite Projet net deelgeholl, dat deelweis, well Kommissiounssätzungen hei an der Chamber jo mëttlerweil awer méi wéi reegelméisseg openeefalen, esou datt grad kleng Sensibilitäten et net ëmmer einfach hunn.

(Brouhaha)

An ech wëll domadder just soen: Mir hätten an där Kommissioun hei och dergéint gestëmmt, wa mir do gewiescht wären.

(Interruptions)

M. Claude Wiseler, Président | Sou, domat ass dës Diskussioun dann ofgeschloss.

An da komme mer zur Ofstëmmung iwwert deen Änderungsversuch vum Chambersreglement 8273. Den Text steet am Document parlementaire 8273¹.

Vote sur la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés 8273

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Nach e klengen Effort beim Vote par procuration, da si mer sou wäit. Ok, bon, ech schlëssen dann de Vott heimat of. Voilà, esou war et gutt.

D'Resultat vum Vott ass : Jo: 57 Stëmmen, Neen: 3 Stëmmen, Abstentoun: 0. Domat ass d'Ännerung vum Chambersreglement mat 57 Jo-Stëmme géint 3 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen (par M. Laurent Mosar), Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies (par Mme Stéphanie Weydert), Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par M. Mars Di Bartolomeo) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori.

14. Résolution de Mme Sam Tanson relative aux sondages sortie des urnes (SSU)

(Résolution déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 39 de ce compte rendu)

Da komme mer nach zum allerleschte Punkt vun eisem Ordre du jour, an dat sinn déi Resolutioun respektiv déi Motioun, déi am Ufank vun der Seance deposéiert gi sinn. Ech huele se och no der Uerdnung, wéi se hei deposéiert gi sinn. Dat heescht fir d'éischt d'Resolutioun. Dat ass d'Resolutioun iwwert d'Sondages sortie des urnes, notament no den Erfahrungen, déi mer elo de leschte Sonndeg bei den Europawalen haten. Dofir wollt ech d'Autrice vun dëser Resolutioun froen, ob se nach eng Kéier wëllt Explikatiounen ginn.

(Interruption par Mme Sam Tanson)

Vläicht duerno, da loosse mer déi aner Wuertmeldungen huelen. Wie wëllt heizou d'Wuert? Den Här Spautz. Här Spautz.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Här President, léif Kollegen a Kolleginnen, meng grouss Sympathie fir déi Resolutioun, déi vun de grénge Kollegen erakomm ass, well genau wéi si och, wéi se dat gesot hunn, souze mir do bis 23.00 Auer an hunn eis Froe gestallt. Wann d'Assemblée nationale opgeléist gëtt um 21.00 Auer a wann Däitschland um 18.10 Auer scho kann Erklärungen ofginn, dann ass et dach awer op eemol komesch, dass dat gréisste Land vun deene 27 an der Europäescher Unioun et net fäerdegbréngt, bis 23.00 Auer op Resultater ze waarden. Dat selwecht hu mer bei de finnesche Kollege gesinn. Déi hu souguer Zwëscherresultater kritt aus de Walbüroen, soudass dat Ganz dach awer e bësse komesch ass.

Ech wollt just d'Madamm Tanson froen, ob et méiglech ass, dass een ënne schreift, wou si schreift vun der Universitéit, ech kéint mer do och de LISER virstellen, dass een och seet, dass déi dat sollen studiéieren an dann och gläichzäiteg mat enger Propos kommen. Mir sollen emol fir d'éischt kucken: Ass et iwwerhaupt machbar op déi doten Aart a Weis? Oder solle mer net herno nach aner Méiglechkeeten hunn, dass mer awer éischter e Resultat wéi um 23.00 Auer kréien? Dat ass déi eenzeg Propos, déi ech wollt maachen.

Mee op alle Fall, ech ginn hir 100%eg Recht: Et ass dach awer eng komesch Situatioun, dass mer just an deem gréisste Land vun Europa esou laang hu misse waarden, bis 23.00 Auer, bis mer d'Resultat haten.

Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Spautz. Dann ass et um Här Baum an duerno dem Här Keup.

M. Gilles Baum (DP) | Merci fir d'Wuert, Här President. Effektiv kënnen mir eis als Demokratesch Partei och an där Resolutioun hei erëmfannen. Ech fannen et ganz speziell, dass an Däitschland um 18.00 Auer déi éischt Héichrechnungen kommen, d'selwecht a Frankräich, a mir zu Lëtzebuerg, mir bréngen et emol net méi fäerdeg, fir d'Resultater Gemeng pro Gemeng erauszeginn, well dat gouf et jo och, wann ech mech net ieren, bis viru fënnef Joer. Ech hunn dat vergeeblech gesicht dëst Joer. Ech hunn et op eng Kéier opginn, well ech geduecht hunn, et huet warscheinlech eppes sech geännert, firwat dass se net méi publizéiert ginn.

Mee dat hei ass eppes, wat mer effektiv sollte maachen. A wann aner Länner et maachen, firwat net och mir? Et gëtt kee Grond, dass mer et net maachen. A mir sollte vläicht nach eng Kéier kucken, ob mer net awer d'nächst Kéier Gemeng pro Gemeng kënnen d'Resultater erausginn. Ech mengen, dat ass fir deen een oder aneren awer ganz interessant ze wëssen, wéi a senger Gemeng ofgestëmmt ginn ass.

Merci, Här President.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum. Dann den Här Keup, duerno d'Madamm Bofferding an dann den Här Clement an duerno den Här Baum – deen aneren Här Baum.

M. Fred Keup (ADR) | Villmools merci, Här President. Effektiv ass dat, wat leschte Sonnden do gelaf ass, net onbedéngt ganz frëndlech gewiescht, net nëmme vis-à-vis vun de Kandidaten an eis, mee och vis-à-vis vun all deene Leit, déi wéile gaange sinn an déi wollten e Resultat kréien, zäitno, wéi mer dat zu Lëtzebuerg gewinnt sinn.

Mir hunn nämlech zu Lëtzebuerg jo een Ënnerscheid zu ganz ville Länner. Dat ass, dass bei eis d'Wallokaler um 14.00 Auer zoumaachen. Ech mengen, an Däitschland ass et awer eréischt um 18.00 Auer, wann ech mech net ieren. An duerfir ass et jo och an